PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

**Här Gast Gibéryen**
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
19 NOV. 2018
38

Lëtzebuerg, den 16 November 2018

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister weiderzeleeden.**

*Den 13. November huet den Här Staatsminister an enger Ried op der Eréffnung vun de "Luxembourg Internet Days" an an engem Tweet, den Opbau vun engem sougenannte "DDoS Scrubbing Center" annoncéiert. Dësen Zenter soll Deel vun der digitaler Strategie vu Lëtzebuerg sinn.*

*An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Staatsminister dës Froe stellen:*

- *Wéi vill DDoS-Attacken ginn all Dag zu Lëtzebuerg gemooss? Wat ass den Duerchsaz vun dësen an Mbps, Gbps, Tbps o.ä.?*
- *Op wéi engem Niveau vum OSI-Schichtemodell géif dëse "Scrubbing" zum Asaz kommen?*
- *Géif dëse "Scrubbing" op sougenannte "Deep-Packet-Inspection"-Technologien zeréck gräifen? Wa jo, wien definéiert d'Parameter fir z'entscheede wat legitimmen a wat DDoS-Trafic ass?*
- *Am Fall wou "Deep-Packet-Inspection" zum Asaz kéim, wéi garantéiert den HCPN d'Vertraulechkeet vun Internetkommunikatiounen? Géif an dësem Fall och Trafic fir staatlech Serveren dee SSL-verschlësselt ass interceptéiert ginn?*
- *Wien decidéiert genee, wéini de "DDoS Scrubbing" an domadder d'Ëmleedung vun de Kommunikatioune stattfënnt?*
- *Wéi héich ass de Käschtepunkt vun dëser ugekënnegter Mesure an a wéi engem Budgetsposten ass se virgesinn?*
- *Wien géif dësen DDoS-Scrubbing operativ bedreiwen? Géif dëse Service just fir Staatsservicer offréiert ginn oder och fir de Privatsecteur?*

Mat déiwem Respekt,

Sven Clement
Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 19 novembre 2018

Objet : Question parlementaire n° 38 du 16.11.2018 de Monsieur le Député Sven Clement - "DDoS Scrubbing Center"

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Gast Gibéryen
Président de la Chambre des Députés